PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Verdeedegung weiderzeleeden.

De 6ten August gouf zu Lëtzebuerg eng Commemoratiounsfeier gehalen, fir un deen Dag ze gedenken, un deem viru 75 Joer d'USA zwou Atombommen op déi japanesch Stied Nagasaki an Hiroshima geworf hunn. Honnertdausende Mënsche ware bei dësem Ugréff a sengen Nofollege gestuerwen.

Obwuel d'Mënschheet sech den desastréise Konsequenze bewosst ass, déi den Asaz vun Atombomme beinhalten, sou besëtzen hautzedaags nach ëmmer eng Rei Länner Atomwaffen. Viru Jorzéngten gouf dofir den Atomwaffesperrvertrag opgestallt, deen och Lëtzebuerg mat ënnerzeechent huet.

Des Weideren existéiert awer och de sougenanntenen Atomwaffeverbuetsvertrag (ICAN), deen ee komplett Verbuet vun Atomwaffe virgesäit:

> "It prohibits nations from developing, testing, producing, manufacturing, transferring, possessing, stockpiling, using or threatening to use nuclear weapons, or allowing nuclear weapons to be stationed on their territory. It also prohibits them from assisting, encouraging or inducing anyoneto engage in any of these activities." (Source: https://www.icanw.org/the_treaty)

Ma dësen Traité huet eist Land bis ewell net ënnerschriwwen, obwuel de Wëllen an der Zivilgesellschaft wéi och um politeschen Niveau do ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung den ICAN-Vertrag an dëser Legislatur ënnerschreiwen? Falls jo, bis wéini? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député